



**Cérémonie de commémoration au Lycée du Nord à l'occasion du
75. Anniversaire de la Libération de la Ville de Wiltz
21 janvier 2020**

Allocution de bienvenue de M. Pierre Stockreiser, Directeur du Lycée du Nord

Dir Dammen an dir Hären, léif Éieregäscht,

Et ass mir eng grouss Eier an eng Freed fir iech am Numm vun der Gemeng Wolz, dem Naturpark Uewersauer, der asbl National Liberation Memorial, dem Comité pour la Mémoire de la Deuxième Guerre mondiale, der Uni.lu, dem Zentrum fir politesch Bildung, dem Militärmusée vun Dikrech, an dem Lycée du Nord dierfen op eiser Commémoratiounsfeier am Kader vum 75. Anniversaire vun der Libératioun vun der Stad Wolz ze begréissen.

Dir gesitt et sinn eng ganz Rei Institutiounen, déi haut an de Lycée du Nord invitéiert hunn an dat weist net nëmmen, dass den Engagement fir d'Commémoratioun an den Travail de mémoire eisen Dénominateur commun ass, mee et weist och, dass eng interessant Zäitfenster op gaang ass, wou all déi Partner sech eens sinn, dass elo muss eppes geschéien. Mir sinn eis alleguer bewosst, dass et ëmmer manner Zäitzeien gëtt déi eis, a virun allem eis Jugend kenne mathuelen zrëck an déi Zäit vu virun 75 Joer. Mir sinn eis och bewosst, dass eis Jugend kaum nach een inherente Bezug zu där Zäit huet. Dofir mussen mer gemeinsam nei Weeër an der Gedenk- an Erënnerungsarbecht sichen a mir müssen déi jonk Generatiounen aktiv mat abannen an zwar schonn an der konzeptueller Phas vun deem Prozess.

Och wa mir eis an de groussen Zich iwwert d'Interpretatioun vun den histoireschen Evenementer eens sinn, ass et evident, dass et kann analytesch Divergenze ginn wann ee méi wäit an den Detail geet an et ass grad esou evident, dass déi eenzel Partner eventuell ënnerschiddlech Akzenter a Schwéierpunkte fir hir Aarbecht definéieren. Trotzdem si mir eis alleguer bewosst, dass mir kohärent Signaler un eis Jugend mussen schécken, wa mir si wëllen iwwerzeegen, fir sech fir den Travail de mémoire ze engagéieren. Ech sinn optimisteschesch, dass eis dat géllt wa mir déi Opportunitéit, déi Zäitfenster, déi eis an de leschte Méint a Joren zesummebruecht huet notzen, fir innovativ an nohalteg Konzepter auszeschaffen, ouni dass mir dobäi déi traditionell Aspekter negligéieren, déi d'Commémoratiouns-Associatiounen iwwer Jorzéngten opgebaut a consolidéiert hunn.

Ech wéilt op dëser Plaz dem Wältzer Buergermeeschter Fränk Arndt, sengem Schäffen- a Gemengerot a senge Mataarbechter félicitéieren fir d'Idee, an ech géing esouguer soen de Courage, fir nei Weeër ze goen a fir d'Commémoratioun vum 75. Anniversaire vun der Libéeratioun vun der "Cité martyre" komplett an ee pädagogesche Kader ze immergéieren. Esouwuel d'Table ronde mam Sujet "Blummen, Kränz a Gerben 2.0 Wou bleift d'Erënnerungsarbecht?" wéi och de Projet "Rucksakbibliothék" vum Comité pour la Mémoire de la Deuxième Guerre mondiale hunn eng pädagogesch Dimensioun. Dat gëllt iwweregens och fir d'Valorisatioun vum Sentier de mémoire um Schumannseck am Kader vum Projet "Land of memory", dee vum Naturpark Uewersauer a vun der asbl National Liberation Memorial, zesumme mat der Gemeng Wolz an dem Lycée du Nord initiéiert gouf. All dës Initiativen a Projeten hunn d'Ambitioun fir ze sensibiliséieren, fir opzeklären a fir aus eise jonke Leit responsabel Bierger ze maachen mat engem moralesche Kompass dee vu Solidaritéit an Empathie gedroe gëtt an net vun Egoismus an Diskriminatioun.

Wa mir am Travail de mémoire nei Weeër ginn a wa mir pädagogesch Aspekter berücksichtegen, bedeit dat awer net, dass de Stellegwäert vun der Symbolik soll a Fro gestallt ginn. Blumme, Kränz a Gerben symboliséieren eis Dankbarkeet vis-a-vis vun den Zaldoten, déi eist Land viru 75 Joer befreit hunn, eist Matgefill fir d'Victime vum Zweete Weltkrich an der Shoah an eise Respekt fir all d'Zäitzeien an hir Famillen, déi während ville Joren dofir gesuergt hunn, dass mir eis erënneren. Blumme, Kränz a Gerben kennen allerdéngs näischt méi symboliséieren wa kee méi do ass dee se nidderleet, wa kee méi do ass dee sech erënnert, wa kee méi do ass deen d'Léieren aus der Vergaangenheet mat an d'Zukunft hellt.

A grad dowéinst si mir eis alleguer bewusst dass de Schlëssel zu enger moderner Gedenk- an Erënnerungsarbecht, déi traditionell Aspekter mat neie Konzepter verbënnt, bei eiser Jugend läit. Dofir engagéiert de Lycée du Nord sech zanter Joren am Kontext vum Travail de mémoire an esou war et fir eis eng pertinent a flott Opportunitéit fir kennen an de Projet "Rucksakbibliothék" mat agebonnen ze ginn. Ënnert der Leedung vum Françoise Flesch, Geschichtsprofesser am Lycée du Nord, a mat der Ënnerstëtzung vun enger Rei Kolleginnen a Kollegen, hunn sech eis Schüler mat den 2 Weltkricher, an awer och mat Krisen- a Krichsgebidder hautesdaags beschäftegt.

Et gouf gelies a recherchéiert iwwert Themen wéi z.B. : Rassenideologie, Euthanasie, medizinesch Experimenten, Konzentratiounslager, Kollaboratioun,

Mënscherechter, Zivilcourage, Flüchtlingsthematik deemools an haut, an awer och d'Ardenneoffensiv, de Streik zu Woltz, an am Allgemengen d'Situatioun am Krich an den Dierfer am Norde vu Lëtzebuerg. Et ass gefrot, erfrot an hannerfrot ginn, et gouf diskutéiert an no Äntwerte gesicht. Besonnesch déi kreativ Gestaltung vun deem Erschafften war eng weider Erausfuerderung an der Auseinandersetzung mat der Thematik. Ofgeronnt hu vereenzelt Klassen dat, wat si am Kllassesall geléiert hunn, mat enger Studierees an dat ehemoolegt Konzentrationslager Natzweiler-Struthof.

Och d'Musik, war nieft Literatur a Konscht, ee Point d'accès fir sech mat dem 2. Weltkrich ze beschäftegen. Sou hunn z.B. Schüler sech iwwert d'Musik vu Pink Floyd an d'Lidd – *When the Tigers broke free* - mat dem Roger Waters sengem Verlaangeren no engem Papp, deen am zweete Weltkrich zu Anzio an Italien gefall ass an deen hien ni konnt kenne léieren, beschäftegt.

Et si virun allem déi Eenzelschicksaler, déi d'Schüler interesséiert hunn: d'Anne Frank oder aner Affer vum Holocaust; Zivilisten; Zaldoten; Geschichte vun Affer an Täter; Geschichte vun Liewen an Doud.

Passend zum Dag vun haut, gouf als Motiv fir d'Invitatioun, déi Blumm erausgesicht, déi villes symboliséiert wat och d'Schüler an hiren Aarbechte beschäftegt huet: d'Feierblumm, an eisen Nopeschlänner ënnert dem Numm Red Poppy, Coquelicot oder Klatschmohn bekannt.

Et ass d'Blumm vum Moment, stellvertriedend fir d'Vergänglechket; et ass d'Blumm vun der Léift awer och vum Leed dat d'Léift muenchmol mat sech bréngen kann; et ass awer och d'Blumm vun der Hoffnung. Sou heescht et z.B. an engem persesche Gedicht (vum Sorab Sepehri): „So lange es den Klatschmohn gibt, muss gelebt werden!“. D'Feierblumm ass awer och d'Blumm vun der Erënnerung. Remembrance Poppy gëtt se an England genannt. Si war fir d'éischt d'Symbol fir d'Gedenken un d'Affer vum 1. Weltkrich an haut gëtt z.B. mat der Remembrance Poppy un d'Affer vu sämtleche Konflikter mat Bedeelegung vu Groussbritannien geduecht.

Dir Dammen an dir Hären, ech well am Numm vun all den implizéierten Institutiounen jidderengem Merci soen fir dee formidabelen Engagement am Sënn vun enger nohalteger Gedenk- an Erënnerungsarbecht mat eiser Jugend a fir eis Jugend.